LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 3 décembre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 10:58, 03/12/2020

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire urgente n°3236 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'dréngend parlamentaresch Fro Nummer 3236 vum 2. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

1. Den Dr. Ahmadreza Djalali, deen déi schwedesch an iranesch Nationalitéit huet, sëtzt aktuell am Iran am Prisong, wou hien d'Doudesstrof riskéiert. Eisen Informatiounen no sollt hie gëschter an de Raja'i Shah Prisong verluecht ginn, wou d'Hiriichtung sollt stattfannen. Dëst gouf awer a leschter Minutt ofgesot, esou dass hie sech momentan weider am Prisong vun Evin zu Teheran befënnt. D'Gefor vu senger Hiriichtung ass allerdéngs weiderhin akut.

2. Lëtzebuerg setzt sech konsequent a fir d'Fräiloossung vun all de politesche Gefaangenen am Iran, a notamment vun de Leit mat duebeler Nationalitéit. Esou huet déi drëtt Kommissioun vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen, d'Kommissioun déi sech ëm Mënscherechts- a sozial Froen këmmert, ënnert Lëtzebuerger Presidence de 14. November 2019 eng Resolutioun adoptéiert, an där den Iran exhortéiert gëtt, « *à mettre fin au recours généralisé et systématique aux arrestations et à la détention arbitraire, notamment contre des personnes ayant une double nationalité ou des ressortissants étrangers, à libérer les personnes détenues arbitrairement et à faire respecter, en droit et dans la pratique, les garanties de procédure permettant d'assurer un procès équitable (...)* ». Des Resolutioun gouf den 18. Dezember 2019 ënnert der Referenz 74/167 vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen adoptéiert. Och dëst Joer huet Lëtzebuerg erëm fir des Resolutioun iwwer d'Situatioun vun de Mënscherechter am Iran gestëmmt, an där d'Land ausserdeem opgefuerdert gëtt, e Moratoire op d'Doudesstrof ze setzen.

3. Déi schwedesch Ausseministesch Ann Linde huet de 24. November 2020 annoncéiert, dass si mam iraneschen Ausseminister Javad Zarif iwwer de Fall vum Dr. Djalali geschwat huet. Si huet ënnerstrach, dass Schweden alles dru setzt, fir dass d'Doudesstrof géint den Dr. Djalali net ausgefouert gëtt. Och den Aussepoliteschen Déngscht vun der EU engagéiert sech géint d'arbiträr Verhaftung vu Leit mat duebeler Nationalitéit am Iran, wéi den Héije Vertrieder vun der Unioun fir Aussen- a Sécherheetspolitik a Vizepresident vun der Kommissioun, Josep Borrell, de 7. Oktober 2020 beim Debat am Europaparlament iwwer d'Situatioun am Iran nach emol confirméiert huet.

4. Lëtzebuerg setzt sech konsequent fir de Respekt vun de Mënscherechter an, esouwuel a weltleche wéi a reliéise Staaten.

5. D'Situatioun vun de Mënscherechter ass sécherlech ee wichtegen Aspekt, deen d'Relatioun tëscht dem Iran an den USA, respektiv der EU, beaflosst. Op EU-Niveau ginn et zanter 2011 cibléiert Sanktioune géint déi Responsabel vu schwéiere Mënscherechtsverletzungen am Iran. Wat d'wirtschaftlech Sanktioune betrëfft, ass ze bedenken, dass een doduerch déi ganz iranesch Bevëlkerung bestrooft fir d'Verbrieche vun enger klenger Minoritéit. Ausserdeem riskéiert een esou, d'Roll vun de sougenannten „Hardliner" am Iran ze stäerken.